1-2021-O-R-6878-01 (n°3725)

Depot : Jeff Engelen

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Tratten, de 16. Dezember 2021

PL 7924

1

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt d'Schoulpersonal opgefuerdert gouf, esou wäit déi meteorologesch Konditiounen dat erlaben, d'Klassesäll reegelméisseg ze lëften, fir esou dozou bäizedroen, de Risiko vun enger Infektioun mam Covid-Virus anzedämmen,
- datt d'Regierung an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°2812 vum 14. September 2020 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser matgedeelt huet, datt déi mobil Loftfilteren „kee relevanten Effet op d'Verhënnere vun der Verbreedung vum Virus hätten."
- datt neien Erkenntnisser no – a besonnesch wéi eng Etüd vun der däitscher „Stiftung Warentest" gewisen huet –, mobil Loftfilteren e substantiellen Effekt op d'Verréngerung vun der Gefor vun der Ustiechung mam Covid-Virus kënnen hunn,

fuerdert d'Regierung op,

- déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir nach eemol zäitno an an aller Objektivitéit ze préiwen, ob den Asaz vu mobile Loftfilteren net awer eng sënnvoll Alternativ kéint sinn, fir d'Verbreede vum Covid-Virus anzedämmen.

Jeff Engelen